1-2021-O-M-6829-01 (n°3701)

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Dépôt: GOERGEN Marc

Aktualitéitsstonn zur COP26

Lëtzebuerg, den 08/12/2021

2

# Motioun

**D'Chamber vun den Deputéierten stellt fest:**

- Den Donnéeë vum STATEC no (Composition du mix national de l'électricité fournie aux clients finals) bedréit den Undeel vu fossillen Energien am Stroummix ëmmer nach 30%;
- Eng Motioun vun 29/4/2021, déi am Kader vum Gesetzesprojet 7649 deposéiert an an d'Kommissioun verwise gouf, hat gefrot fir de Stroummix "atom-fräi" ze kréien. De Minister fir Energie stoung dëser Fuerderung positiv géigeniwwer an huet versprach, an deem Beräich Drock op europäeschem Niveau ze maachen;
- Den Usproch muss sinn, de Stroummix mëttelfristeg och CO2-fräi ze kréien;

**Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:**

1. bis Enn 2022 ee konkrete Plang virzeleeën, fir de Kuelestroum aus dem "mix résiduel" auszeschléissen an dëse Plang bis 2030 ëmzesetzen.

Marc Goergen